ALTERNATIV DEMOKRATESCH REFORMPARTEI

Groupe parlementaire

Här Mars di Bartolomeo

President vun der Deputéiertechamber

19, um Krautmaart

L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 1. Dezember 2016

Här President,

Sou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un d'Madame Gesondheetsminister weiderzeleeden.

Op enger Pressekonferenz am Mee 2015 an an hirer Äntwert op eng parlamentaresch Fro am September 2015 huet d'Madame Gesondheetsminister an Aussicht gestallt, datt de Programm TADIAM nach 2016 sollt ulafen. Et geet dobäi ëm e Substitutiounsprogramm bei Drogesucht op Basis vun Diacetylmorphin, rengem pharmazeuteschem Heroin also. Zu deem Programm wollt ech der Madame Gesondheetsminister dës Froe stellen:

1. Ass nach ëmmer aktuell, dee Programm 2016 ulafen ze loossen. A wéi enge Räimlechkeeten?
2. Si scho Patiente fir dee Programm ausgesicht a no wéi enge Kritären ass dat geschitt (Laangzäitofhängegkeet, gesondheetlechen Zoustand, gescheitert Therapie)?
3. Wien ass zoustänneg fir d'Kontroll a fir d'Aweisung an dee Programm?
4. Wéivill Suchtkranker kënnen an TADIAM opgeholl ginn?
5. Leeft donieft de Methadon-Substitutiounsprogramm weider?
6. Ass an der Tëschenzäit garantéiert, datt genuch Diacetylmorphin zu Lëtzebuerg zur Verfügung ass?
7. Wéi gëtt bei alle Substitutiounsdrogen geséchert, datt et net zu Abuse kënnt duerch déi dës Substanzen onkontrolléiert an den Ëmlaf kommen?

Mat déiwem Respekt,

Fernand Kartheiser
Deputéierten